



Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

10.09.2020

Speziell Konditiounen fir d'Organisatioun vu Weekender a Campen

Wéinst der Covid-19 Pandemie leet d'Commissaire générale, entspriechend dem Art. 8.3 vum LGS-Reglement Nr 13, folgend aussergewéinlech Konditiounen fir d'Organisatioun vu Weekender a Campen fest :

Ausmooss

Dës aussergewéinlech Konditiounen betreffen all Weekender a Campen déi **nom 15. September** 2020 statt fannen.

Plaz

E Weekend oder Camp kann nëmmen zu Lëtzebuerg ofgehalen ginn.

Participanten

Et dierfe maximal **30 Leit (Kanner/Jugendlecher plus Chefs)** um Weekend oder Camp deelhuelen.

Administratives

E Camp gëtt vum responsabele Chef op d'mannst 2 Woche virum Ufank vum Camp am Verbandssekretariat ugemellt.

Weider Konditiounen

All Bestëmmungen vum LGS-Reglement Nr 13, déi duerch dës speziell Konditiounen net betraff sinn, bleiwe weiderhi gëlteg.

Zousätzlech Konditiounen oder Recommandatiounen, déi vun der Regierung decidéiert ginn, si während de Weekender a Campen anzehalen.

Zäitraum vun dëse Konditiounen

Dës speziell Konditiounen gëlle vun deem Zäitpunkt un, wou se de Cheftainen a Chef iwwer Newsletter matgedeelt goufen, bis se vun der Commissaire générale nees ganz oder deelweis opgehuewe ginn. Spéitstens de **15.07.2021** verléiere se hier Gëltegkeet. **Si ersetzen d'speziell Konditiounen vum 17.06.2020.**

Anouk Galassi
Commissaire générale

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Verbandscomité
5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg
lgs.lu - Email : comite@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux

**VOYAGES
VANDIVINIT**
Reisen mit Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1899



Lëtzebuurger
Guiden a Scouten

Congé jeunesse am Kontext vum Covid-19

Wann ee Congé Jeunesse (CJ) fir de Camp wëll ufroen, muss d'Demande op d'mannst 4 Woche virum Camp gemaach ginn. Wann d'Demande méi spéit erageschéckt gëtt, kann et sinn, datt net all Deeg accordéiert wäerte ginn. Falls dir e Congé jeunesse nach am Juli wëllt huelen, da mellet Iech w.e.g. am Sekretariat (269484).

Hei eng Checklëscht fir de Congé jeunesse

1. Camp mam Programm umellen, 4 Woche virum Camp mat Congé Jeunesse
2 Woche virum Camp ouni CJ

2. D'Demande ausfüllen

Wichtig: De Patron muss ënnerschreiwen an de Kandidat muss ënnerschreiwen! Hei fënnt du de Formulaire: <https://chefbox.lgs.lu/chefbox/adminbox/conge-jeunesse/> D'Demande sollt am beschte per Post un Géisserei (5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg) geschéckt ginn. Fir Demanden, déi elo kuerzfristeg sinn, kënnt dir eis är Demande och per Mail eraschécken op info@lgs.lu (den Original muss awer och per Post erageschéckt ginn).

3. Kopie vum Brevet

Wann een um Formulaire ukräizt, datt een de Brevet B oder C huet, muss och eng Kopie vum Brevet dobäi leien. Wann een de Brevet net méi huet, kann een eng Kopie beim SNJ froen: anouk.kopriwa@snj.lu
Et kann een och ouni Brevet de CJ ufroen, mee do ginn net déi 100% vun den ugefroten Deeg accordéiert.

4. Delai vun der Demande

D'Demande misst 4 Woche virum Camp bei SNJ ukommen, well d'Verbandssekretariat d'Demande och verschaffe muss, soll d'Demande nach virdrun an der Géisserei ukommen. **Wichtig:** Wann d'Demande méi spéit, wéi 4 Woche virum Camp beim SNJ ukënnt, kann et sinn, datt net all Deeg accordéiert ginn!

Lëtzebuurger Guiden a Scouten
Verbandscomité
5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg
lgs.lu - Email : comite@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux

**VOYAGES
VANDIVINIT**
Reisen mit Stil

BIL BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1899